# CHARTE DES VALEURS

CORPS GRAND-DUCAL
**INCENDIE & SECOURS**

Am Kader vun der ziviller Sécherheet entwéckele sech d'Hëllefsdéngschter hei zu Lëtzebuerg zënter méi wéi zweehonnert Joer kontinuéierlech weider. Als Natioun hu mir et ëmmer nees fäerdeg bruecht, ugepassten an effikass Léisungen op d'Noutsituatiounen ze fannen, mat deene mir konfrontéiert waren.

Als Membere vum Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) hu mir d'Wäerter vun eisem gemeinsamen Asaz an engem partizipative Prozess zesumme reflektéiert a festgeluecht.

Den **Engagement**, d'**Zouverlässegkeet**, eng **professionell Astellung** an d'**Solidaritéit** ënnertenaner a mat eise Matmënsche leede jidderee vun eis a senger Fonctioun, an dat op allen Niveau-en vun Hierarchien a Responsabilitéiten.

## ENGAGEMENT

**Engagéiert** a passionéiert erfëlle mir eis Missioune beim CGDIS am Interêt vun der Gesellschaft.

Als eenzel Persoun an an der Ekipp si mir courageiert an dévouéiert mat Häerz a Verstand dobäi.

Responsabel a motivéiert schütze mir an Noutsituatiounen eis Matmënschen an Déieren, eis Ëmwelt a Gidder.

## ZOUVERLÄSSEGKEET

Op eis ass Verlooss!

Eis **Zouverlässegkeet** an Integritéit fër-dere Vertrauen an Inklusioun souwuel am CGDIS wéi och an der Gesellschaft.

Mir schaffe respektvoll, ouni Virurteeler a behandele jidderee gläich.

## SOLIDARITÉIT

Mir liewen eis **Solidaritéit** ënnertenaner an an der Gesellschaft.

Mat Respekt, Disziplin an Empathie ënnerstëtze mir eis géigesäiteg a schaffe mat allen implizéierten Acteuren zesummen.

Duerch eisen Teamgeescht erfëlle mir eis Missioun am Déngscht vun der Allgemengheet mat ganzem Asaz.

## PROFESSIONELL ASTELLUNG

Am CGDIS ziele mir op déi **professionell Astellung** vun all fräiwëllegem an haapt-berufflechem Member.

Zesumme beherrsche mir eis villsäiteg Aufgaben a meeschteren Erausfuerderunge kompetent a gewëssenhaft.

Eng vertrauensvoll Kommunikatioun an eng kontinuéierlech Weiderentwécklung erlaben eis och komplex Situatiounen ugepasst an effizient ze léisen.

Jidderee vun eis steet zu dëse Wäerter a suergt mat dofir, datt se ronderëm d'Auer gelieft ginn. Esou si mir prett fir d'Erausfuerderungen am Déngscht vun der Allgemengheet a vun eisen Autoritéiten.

# CHARTE DES VALEURS

CORPS GRAND-DUCAL
**INCENDIE & SECOURS**

Dans le cadre de la sécurité civile au Grand-Duché du Luxembourg, nous assistons, depuis quelque 200 ans, à un constant développement des services d'aide et de secours.

En tant que nation, nous avons toujours trouvé des solutions adaptées et efficaces aux situations d'urgence auxquelles nous avons été confronté. En tant que membres du Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS), nous avons, au cours d'un processus participatif, réfléchi à nos valeurs communes et les avons arrêtées.

L'**engagement**, la **fiabilité**, l'**attitude professionnelle** ainsi que la **solidarité** entre nous et avec nos prochains, guident chacun de nous dans sa propre fonction quel que soit son niveau hiérarchique ou de responsabilité.

## ENGAGEMENT

**Engagés** et passionnés, nous accomplissons nos missions auprès du CGDIS dans l'intérêt de la société.

En tant qu'individus, autant qu'en équipe, nous sommes courageux et dévoués corps et âmes.

Responsables et motivés, nous protégeons nos concitoyens, les animaux, les biens et notre environnement en cas de détresse.

## FIABILITÉ

Par notre intégrité et notre fiabilité, nous tissons une relation de confiance et favorisons une culture inclusive, tant au CGDIS que dans la société.

Nous travaillons avec respect, sans préjugés et traitons tout le monde de façon équitable.

## SOLIDARITÉ

Nous vivons notre **solidarité** entre nous et en société.

Nous nous aidons mutuellement avec respect, discipline, empathie et collaborons avec tous les acteurs impliqués.

Nous accomplissons notre mission au service de la société grâce à notre esprit d'équipe et notre engagement.

## ATTITUDE PROFESSIONNELLE

Au CGDIS, nous comptons sur l'**attitude professionnelle** de tous les membres volontaires et professionnels.

Ensemble, nous maîtrisons nos diverses missions et gérons les défis avec conscience et compétence.

Une communication basée sur la confiance et un développement constant de nos compétences nous permettent également de résoudre efficacement des situations complexes.

Chacun de nous est fidèle à ces valeurs et veille à ce qu'elles soient respectées à toute heure. Nous sommes ainsi préparés à relever tous les défis au service de la collectivité et de nos autorités.